Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Entrée le 26.11.2025

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. November 2025

Här President,

esou wéi den Artikel 88 vum Chambersreglement et virgesäit, wéilt ech heimat eng Interpellatioun ufroen, déi de **Réckgang vun de Gebuertenzuelen zu Lëtzebuerg** als Theema huet.

An de leschte Joerzéngte sinn d'Gebuertenzuelen zu Lëtzebuerg markant zeréckgaang. Laut den Donnéeë vum STATEC ass de Gebuertstaux (Total Fertility Rate, TFR) vun 1,78 Kanner pro Fra am Joer 2000 op 1,25 am Joer 2023 gefall. Dës Zuel läit däitlech ënnert dem Niveau vun 2,1 Kanner pro Fra, deen néideg wier, fir eng Bevëlkerung mat enger stabiller Altersproportionalitéit ze garantéieren – ouni dës duerch e kënschtlech erbäigefouerte Bevëlkerungszouwuess auszegläichen.

Och wa sech Lacunnen duerch d'Altersproportionalitéit mëttels Immigratioun kuerzfristeg ausgläiche loossen, sou wiisst d'Bevëlkerung och staark an altert weider onproportional. D'Bevëlkerung besteet mëttlerweil aus ongeféier 682.000 Awunner (Stand 2025), vun deene scho ronn 50% Auslänner ausmaachen, an trotzdeem ass d'Altersproportionalitéit net stabil. Den eigentleche Problem gëtt domat nämlech net geléist, mee just verréckelt, an et gi gläichzäiteg weider Problemer geschaf an déi bestoend gi vergréissert.

De Réckgang vun de Gebuertenzuele bréngt eng Rei vun Erausfuerderunge mat sech, op déi mir reagéiere mussen.

An deem Zesummenhang sollen ënner anerem follgend Punkte behandelt ginn:

- eng demographesch Stabilitéit, fir Sozialversécherungssystemer ze garantéieren;
- eng Politik, déi den néidege Kader schaaft, fir d'Famill ze ënnerstëtzen;
- en Opfänke vun de wirtschaftleche Konsequenzen;
- eng nohalteg Entwécklung, déi d'Gesellschaft als Ganzt ënnerstëtzt.

D'Interpellatioun riicht sech un den Här Premierminister.

Mat déiwem Respekt,

Keup

Fred Keup
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742